

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Fax 466 966 210

Lëtzebuerg, den 25.03 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend parlamentaresch Fro** (Art. 81) un d'Madame Justizminister weiderzeleeden.

Eis Banken sinn an deem aktuellen Kontext total iwwerlaascht (méi Ufroe fir Kreditter a manner Personal wat disponibel ass). Daat huet besonnesch bei Hypothéikekreditter grouss Auswierkungen.

Elo kënt nach eng Verzögerung respektiv Schwieregkeet derbäi :

Fier d'Personal vun den Notairesetuden - déi jo weider opbleiwen mussen- an och déi Leit déi en notarielen acte maache müssen ze schützen gin déi meeschten Immobilienacten op Basis vun enger privatschrëftlecher Procuratioun (sous seing privé) vun den verschiddenen Parteien aktéiert. D'Leit mussen sech also net physesch bei den Notaire beginn.


Daat ass awer nëmme dann méiglech wann och den Hypothéikekredit (ouverture de crédit) kann aktéiert gin.

Heifir awer missten d'Leit déi den Kredit kréien perséinlech beim Notaire ënnerschreiwen oder awer eng Procuratioun bei engem Notaire ënnerschreiwen, wouduerch dée ganzen Benefice vun der Schutzprozeduur fier d'Bierger an d'Personal fleten geet.

D'Chambre des Notaires ass menges Wëssens bei Iech intervenéiert fir déi « authentesch » duerch eng einfach privatschrëftlech Procuratioun (sous seing privé) ze ersetzen.

Kënt dier mech informéieren wisou dier an dëser Fro net der Recommandatioun vun der Chambre des Notaires nokommt ?

Mat déiwem Respekt,


Roy Reding
Deputéierten